# Huppbello.

*E Steck vun an aus dem le'we Bösch, an 3 Akten.*

---

## I. AKT.

(De Wichtelcher hir Scho'l ass grad aus. Sechs Wichtelcher: Wippchen, Stippchen, Rulli, Wulli, Kickli a Mickli hu gerad agepâkt; hire Kinek Schadaï stêt op engem helze Steck, mam Lineal an der Hand.)

*Kinek:* Jongen, ir mer erömm an eis deischter Lächer krauchen, nach eis Le'ft zum Bösch gesong!

*Alleguor:* (Stömmen de Refrain un: Op der Welt ass neischt me' sche'n)

*Kinek:* Dajé, vir ugefângen! Opgepasst! Eins! zwei! (Sî sangen, de Kinek dirige'ert.)

*Löschteg.* *No engem Volkslidd.*






*Kinek:* Wippchen, du hâs beim Juchhei falsch gesong! An du, Kickli, kuck net eso' hannen un dech! Allez, de' 2. Stroph:

2. D'Märel frét d'Schélmeischen,
Wât hir Kanner mân;
De Spécht zitt an sein Heischen
O'ne' Suorgen ân.
D'Durteldeifchen ruckelt,
Aus der Deift erop,
Eisen Héschen duckelt
Sech a lauschtert drop.
:/: Op der Welt ass neischt me' so',
We' de Bösch so' herzeg fro'.
An de' gèr a Böscher sin,
Musse sélwer fro' da gin :/:

*Viktor* (e Bo'f): Bravo! Bravo! Ma dir könnt gutt sangen!

*Alleguor:* O mei, engt Menschekand!

*Viktor:* Färt net, ech din iéch neischt! Sangt mir de' lèscht Stroph nach eng ke'er. Ech sin och e gudde Frend vum Bösch, soss wär ech net hei.

*Kinek:* Jong, du schengs mer d'Hèrz op dèr richteger Plâtz ze hun! Wippchen, Stippchen, Rulli, Wulli, Kickli, Mickli (se'er gesot,) de' zwét Stroph! — (Sî sangen, beim Refrain heleft de Jong.)

*Kickli:* (dén hanner un sech gekuckt hât, dét e Kräsch:) Hu! Hu! do ke'nt ên! — (all fort.)

*Viktor:* Wén??

*Huppbello:* (a gro'ssem ro'dèm Mantel, lângem, fatzegem Bart, mat enger schwârzer Mutz we' eng Uowepeif, enger schrecklech decker Axt an der Hand, stêht virun dem Viktor, an der Roserei, packt en, schwengt d'Axt iwert en:

Ha! Menschebo'f, ech packen dech!
Mir gét Gesank ganz ge'nt de Strech!
Matt all dém Pâk hei an dem Bösch,
D'séf Nuochtigall, Spre'f oder Mösch,
Get upgeraumt an och mat dir!
Kne' nider, son ech, do vru mir.
Hei! meng gutt Axt, de' kritt iéch all,
De' sche'nsten Ech, de' kent zo' Fall,
Wann ech, den Huppbello et wöll!

*Viktor:* Den Huppbello! Mei Gott! —

*Huppbello:* Ha! kuck, de' Fauscht schle't alles möll!

Fort muss de Bösch ganz vun der Welt,
Fort mussen s'all de' hien erhält!
Wo' reng gutt Loft ass, Schéd a Ro'
E gringe Mantel deckt iéch zo'.
Do han ech nidder, Romp a Stomp,
Mâ plâkeg Koppen, dîr all Land,
Datt neischt me' wîsst fir an de Komp.
Erhengre musst der, Herrgottsband!

*Viktor:* O strengen Hèr,

Wat hätt der gèr?
Sot, sot et mir,
Ech tréde vir,
Bei all gutt Leit
Ganz vir iéch an.
Sot, wat geheit
an deser Zeit
Eso' iéch dann?
Wém flucht der so'?
Wén huot èr Ro'
Gestuol? Sot, ech dach net! —

*Huppbello:* Ech sin de Feind vun èrer Welt.

Ech rènnen durech Bösch a Feld
Fir do'tzemân! Dat dét mer gutt!
Hei kuck de' Axt, de' blenkt vu Blutt,
D'séf ro't, d'séf gring, mir ganz égal,
Mais bludde musst dir all, dir *all!!* —

*Viktor:* O' be'sen Hèr,
Ech liewe gèr!
Sin nach so' jonk,
Eng klinzeg Quonk
Fu Léwen ass mei Blutt.
Mecht dat iech Mutt?
Mei Papp ass do't,
Meng Mamm ass ârm,
Mir hu ké Bro't.
Hèr, hiéft Erbârm! Erbârm!

*Huppbello:* Erbârmen hin, Erbârmen hèr,
Kne' nidder dur! Ech sin dein Hèr!
Du jonge Bâm am volle Sâft,
Do brauch mein Arem net vill Krâft. (Hiéft d'Axt.)

*Viktor:* O Mamm, gutt Mamm!

*Wichtelcher vu lenks:* (ganz hârt)
Märder, de' dem Kand kê Lêd!

*Wichtelcher vu rechts:* Böschde'f, d'Ongleck dech beglêt.
Et sief dein Dot!! —
(zum Bo'f) Laf fort, mei Jong, laf fort! —

(Den Huppbello huot sech zo' dén enge Wichtelcher gedre'ht, fir en nozelafen. An dém Moment sprengt de Viktor fort.)

*Viktor:* Schutzengel, höllef! (fort.)

*Stippchen:* Huol em d'Axt!

*Wippchen:* Ha, do ke'nt e schons erömm!

*Wulli:* O mei! O mei! (fort)

*Huppbello:* Ha, dé Fank ass mir entwöscht!
So' hellt jongt Blutt hätt mech erfröscht!
De' spatzeg Mutzen sin dat schold,
Um Enn ass nun all meng Gedold.
Och *sî* vertilgen ech nu ganz,
Ha, wat get dat en Do'dendanz. (Schwengt seng Axt.)
Herrlech Axt schlo' herrlech zo',
Da fönnt den Huppbello seng Ro'! —
Hopp, dèr Band nô. Hu! Hu! — (fort)

(Vun der aner Seit kent én aremen ale Mann mat enger decker Fäsch um Reck:)

*Jôb:* Gott sei Dank, dass ech de' Lâscht endlech heiuowen hun! Wat eng Schönn! A nach net dohém! We' ass et dach eso' gutt kill hei!

Ech muss mech erblosen. (Wescht sech de Schwêss af a setzt sech op seng Fäsch.)

*Kickli:* O, mei le'we Mann!

*Jôb:* O jé! O jé!

*Kickli:* O, le'we Mann, mâcht iech fort, se'er fort vun hei, den Huppbello ass lass.

*Jôb:* Den Huppbello! Den Huppbello!

*Kickli:* E léft dohannen menge Kameroden no a reisst en d'Bärt aus.

*Jôb:* (greift u sei Bart) Wat dir net sot! Ma mei le'we Männchen, ech kann bal net me' eleng goen, geschweiss lafen.

*Kickli:* Ech hellefen iech, kommt nömme, kommt. Ha, lo kent e schon! Laft! Laft! — (fort)

*Jôb:* Ech kann net me'! —

*Huppbello:* (ke'nt erömm mat de Bärt vun de Wichtelcher an der Hand.)

Ha, hèr dat Holz a fort vun hei!
Den énzegen Hèr sin ech elei!
Mein ass de Bösch, ech dulde net,
Dass dir nach draus eng Flämmche kritt.
Erkale sollt der, Ko' a Kand,
Erhengre musst der all am Land —

*Jôb:* O Hèr, dir wösst net wat dir sot.
O strengen Hèr, ech si geplot:
Al a kal, ârm a mitt,
Krank a nâss, o, 't ass kê Spâss.
Lôsst mir de' Fäsch! —

*Huppbello:* Fort sôn ech, hei get sî verbrannt,
Engt Hellefeier lîcht durch d'Land,
Ech brennen Dall a Kopp pechschwârz,
All Bichesâft, all Dännenhârz,
Keng Echel fann der ne'rens me',
Kê Kannerkrêsch dét mir me' we'
All Bîr, all Noss, gêt matt an d'Lûcht,
All Blumm a Moss, all Sôm a Frûcht.
Neischt soll me' bleiwe fir iech all,
We' Damp, Gestank an eidle Schall —
Fort wann dei Léwe le'f dir ass! —

(*Jôb* hippt deierlech fort a kreischt.)

*Huppbello:* (kuckt de Wichtelcher hir Bärt.)
Ha, Tûtemännercher, dat gét
We' ech iech hun de Bart gemét!
Ech lafen e no,
Ech krein dén do.
Dén anern nach,
Sî lôssen de Bart am Stach. —
Ech krein se dach
All matenén.
Ech ho'ln hir Bén
Nach fir meng Peif ze stöppelen.
Wé ke'nt dann do?

(Hien zitt sech op d"Seit a verstoppt sech. De Féschter ke'nt a sengt e löschtegt Lidd aus dem Bösch, hie geseit den Huppbello am Eck.)

*Féschter:* Halt, oder ech sche'ssen! (Ke'nt op en zo') Wat mâcht dir hei matt der schrecklech gro'sser Axt? Holz stiehlen? Alles futti schloen, we'? We' ass èren Numm? (greift nom Calepin.)

*Huppbello:* Ech sin den Huppbello!

*Féschter:* Huppbello! Mei Gott, ste' mer bei.

*Huppbello:* Ech sôn dir lo wén Hèr ass hei.
Des Axt hei mecht all Coupe an d'Rei.
Dei Bösch ass dir e Steck vum Hèrz.
Mais dass d'et wêss a mech lo fèrts:
Ech hân en aus, dé lèschte Bâm
Get matt de Wurzeln eng gro'ss Flâm —

*Féschter:* Dat mechs du net, du be'se Gêscht, (lét un)
So' wahr we' dén hei Féschter hêscht.

*Huppbello:* (greift d'Flent)
De Féschterchen get nawell king.
De Fisek hir! (helt d'Flent) gél oder gring —
Dein Hutt, dei Buch! Do leit dat all. (Werft et op de Buodem.)
Fort! Weiss dech nie me' hei am Dall! —

*Féschter:* Mei le'we, sche'ne Bösch! (fort.)

*Huppbello:* (gét op an af)
Hei, hopp, gut Axt, nu fènk du un,
Deng Henkersarbecht gutt ze dun!
Dat klèngste Kand an desem Land,
Dat no de Böscher get genannt,
Muss wössen, dass den Huppbello
Ass ömmer stârk an ömmer do! (Hieft alles op.)

(Et he'ert ê vu fère sangen: Op der Welt ass neischt me' sche'n. Huppbello lauschtert a get ömmer me' be's, kuckt no dèr Plâtz wo' de Gesank hir ke'nt, mecht mat dèr enger Hand eng Fauscht an hieft mat dèr aner d'Axt.)


*Rideau.*

---

## II. Akt.

(E Wichtelchen, Kickli, kent o'ne' Bârt erân a kreischt fir sei Bârt. Da sengt en:

*Melodie: Vollekslidd.*




2. Ech hat mein schons dausend Johr,
   't waren lauter Sölwerhohr
   't war eng Fréd, d'Hänn dran ze dre'n!
   O, we' war dé Bârt so' sche'n!
   Hu! Hu! Hu! (setzt sech)

3. Wonnerkrâft huot mei mir gin.
   Zaubre konnt ech Medezin.
   Ech sin ârm, hu gur ké Mutt.
   O, we' war dé Bârt so' gutt!
   Hu! Hu! Hu! (setzt sech)

(De' aner kommen och all erbei, sie kreischen; sie stin all op ên Trapp, greifen sech un dén eidle Könn a sangen zesummen:

4. O, mir hun dé Bârt net me',
Dat dêt eis am Hèrze we';
Si verschimt, so' o'ne' Bârt,
We' verlôss, o dat ass hârt!

(Sie setzen sech ob én Trapp, strècken d'Käpp zesummen a kreischen.)

*Jôb:* (kent deierlech, ob e Bèngel gesteipt, hannen erbei.) A wuofir kreischt *dir* dann eso', meng Männercher?

*Wichtelcher:* (Sie fuoren all ob.) O mei! —

*Kinek:* Hei, et ass de Jôb!

*All:* Ja, de Jôb. O Jôb, en huot es eis Bärt ausgerappt!

*Jôb:* Dir ârem Männercher!

*All:* Eis herrlech Bärt!

*Jôb:* Konnt dir em da net entwöschen? Dir könnt jo zaubern!

*Kickli:* Mir könne neischt ge'nt e mâchen, so'lâng hien de' schrecklech deck Axt huot. Elo kent en! (Sie wöllen all fort!)

*Mickli:* Et ass eise gudde Féschter.

*All:* A wat ass dir da, Féschter?

*Féschter:* Den Huppbello huot mer meng Flent geholl.

*All:* Deng Flent geholl!

*Féschter:* E verdillegt mei le'we, sche'ne Bösch romp der stomp!

*Jôb:* Soll e wirklech! Wat e wölle Gêscht. Mir aremem Mann huot en de' deierlech Fäsch geholl!

*Féschter:* Mir musse ge'nt e lass!

*Kickli:* Hätte mir seng Axt!

*All:* De' musse mir kre'en!

*Féschter:* Wann et muss sin, da kre'e mir si och! (Et he'ert ê vu Fère sangen.)

*All:* (lauschteren) A wat ass dann dat?

*Kickli:* Hä, et sin d'Champignons, de' feiern de Geburtsdag vun hiren zingdausend Kanner, de hent ob d'Welt si kom.

*Kinek:* Rufft se heihinnen!

*Kickli:* (rifft ganz hârt a wenkt) Hä, dir löschteg Leit, kommt heihinnen!

*Jôb:* Wann et de' gefteg sin, da so si sollen do bleiwen

*Féschter:* Mir kucken se nömmen, dat dêt neischt! —
(D'Champignons, eng hallef Dosen trett op, mat bluttro'den Hitt, mat weisse Flècken a giéle Räck an danzen e Reigen.)

*Melodie: Vollekslidd.*

*Lebhaft.*




*1. Champignon:* Awer, dat wärt net eso' bleiwen!
*All:* A wo' ass dann èr Angst, le'w Champignons?
*Champignons:* Den Huppbello!

*All:* Den Huppbello.

*2. Champignon:* Jo, et woren 10 000 so' le'w klèng Champignonskanner aus dem Buodem gekroch, e siéchte Rénchen hat se gelackelt. Et waren eso' le'f Dengercher, so' zart a frösch, a sie stungen ronderömm we' Kapellen — du ko'm e jo, dir kènnt en all, dat Ongeheier, a mat dém lânge, schwe'rn Deiwelsfo'ss zertrött en s'all, express, am Eifer, wèll sie sche'n an hèrzeg woren!

*All:* Wèll se sche'n an hèrzeg woren!!

*3. Champignon:* Mir gro'ss hun hurteg eis Zaubermutzen opgezun, du huot en eis net gesin! —

*Kinek:* Do hu mer et jo nammen! —

*All:* Dat muss ophe'ren! Fort muss en!

*Champignons:* Ja, awer we'!

*Kinek:* Huot nach kén dé klènge Jong bege'nt, dém e mat der Axt de Kapp wollt splecken? —

*All:* (reseln d'Käpp) Nên! —

*Kickli:* Heit, Hèr Kinek, ech hu seng Kap dohanne fond, ömstand de Böschde'f huot en higerîcht.

*All:* O Gott! Jo!

*Kinek:* Dat âremt Kand!

*Jôb:* De' ârem Mamm!

*Féschter:* Ech sin de Wiéchter vum Bösch! All De'f muss mir weichen. Wann der wöllt, dir meng le'f Frönn, da schafen ech den Huppbello aus der Welt!

*All:* Féschter! Féschter!

*Féschter:* Et ass eng schwe'er Arbecht, ech wêss et, mè ech brengen se fèrdeg!

*All:* A we' dann? we' dann?

*Féschter:* Domat lôsst mech gewärden! Ech mâchen et, ech sètze mei Liewen op d'Spill, aus Le'ft zum Bösch! Mè, dir begreift, so' èppes kann ên net fir neischt mâchen.

*All:* Mir begéren et net fir neischt.

*Jôb:* Ech kann der wuol net vill gin, mè, wat meng Hinger de' lèscht Dég geluogt hun, gin ech der gèr!

*Féschter:* Huos de dann kê bort Geld me', Jôb?

*Jôb:* Nên, kê ro'den a kê weisse Su, soss kries t'nen. Vu mengen Dickercher muss ech liewen. Da leiden ech le'wer âcht Dég Honger!

*Féschter:* Dajé, da sin ech mat den Eer zefridden. An dir, Champignons?

*1. Champignon:* Le'we Féschter, mir hun nömmen eis sche'n Kléder, dat ass alles. Mè mir kennen Zauberformeln, we' ê Göft a Medezine braut, mir le'ren dech d'Vullespröch, mir soen dir hémlech wo' de Braconnier setzt, durch is ges du gescheit, dat ass me' wèrt we' Geld.

*Féschter:* Ech hätt awer le'wer Geld gehât. Nujé, d'Wichtelcher wèrden dés genug hun fir iech all zesummen.

*Kinek:* Vun eis kriss de, wat nach kê Menschekand kritt huot.

*Mickli:* Breng mir mei Bârt nömmen erömm.

*All:* Mâch eis den Huppbello do't!

*Kinek:* Mir brengen dir Gold aus de Biérger eraus.
Mir schödden Säck voll virun dir aus.
Broschen a Bracelets mat Pierle besât,
Alles wat nach kê Menschekand hât.
Mir mâchen dech glecklech och o'ne' Geld.
Fro' an zefridden, eng ganz nei Welt
Ass fir dech, versurg eis nömmen de Bösch.
Den Huppbello fort, an alles bleiwt frösch!

*All:* Bravo! So' ass ett! So' mâche mir et! —

*Féschter:* Dat wär jo alt schons èppes! Mè ech mengen, dir huot nach me'.

*Kinek:* Du kriss alles wat mir hun!

*Féschter:* Da git et sichen, brengt et erbei, virdrun, ech wöll gesin wat ech kre'en fir *so' eng* Arbecht!

*Kinek:* (feierlech) Féschter, et huot nach kê Wichtel gelun!
Vum blenkege Gold, wat hässt du dervun,
Wa mir all dech misste verwônschen.
Wann dein Hierz ge'f grad we' Gold so' hârt,
Dat hätte mir secher vun dir net erwârt.
Oder sin mat dem Gold so' all Menschen?
Hei ob der Plâtz ges du ausbezuolt.
Männer, strèckt d'Hänn an d'Lûcht.

*All:* Mir halen eist Wûrt, bezuolen ons Schold!
Kriss all eise Reichtom, all Sölwer a Gold!

*Féschter:* Et sief dann! Mè, wann hie *mech* da kritt? — A nên — de Féschter gewönnt dé Preis! An dann, eddi Bösch, da get Rentier gespillt, durech d'Welt get gerést, ei wat eng Fréd! Hätt ech meng Flent nömmen erömm!

*Jôb:* Hei, huol mei Bèngel.

*Viktor:* (Ausser Otem) Fort! Fort! dohannen — mir no — — ech rènnen. Kâp verluor — fort, fort!

*Féschter:* Mei Gott! an elo?

*Kinek:* Alles kriss de! Hopp op e lass! (fort.)

*Féschter:* Soll ech net och nolafen. Ha! en huot meng Flent! Ech verstope mech do — ech sprangen op en — ech — (duckt sech an den Eck.)

*Huppbello:* (keichend, mat der Flent an enger, an der Axt an der aner Hand; de Bârt huot en unhänken.) Hu! Ech kreien se dach! Dé Bo'f war mer erömm ze flenk! (geseit de Féschter) Aha! (werft sech op de Féschter a pakt e mam Krag.) Aha, dech hun ech!

*Féschter:* Lôss mech lass, du Böschde'f!

*Huppbello:* Aha! En De'f hält wat en huot! Du bass de Chef vun der Band! Da komm, ech hun eng Plâtz fir dech!

*Féschter:* O, mei sche'nt Gold!

*Huppbello:* Wat, du huos nach Gold! Eraus dermat.

*Féschter:* Ech hun nach kênt.

*Huppbello:* Eraus dermat. Hei, d'Hänn gebonn! So', mei Jong, gêt dat elo! Wo' ass dat Gold?

*Féschter:* D'Wichtelcher hun et.

*Huppbello:* Ah, ech sot jo, dir spillt önnert enger Decken. De' kre'en ech och! — Nun nach d'Ae verbonnen.

*Féschter:* Ho, lo mecht e mech do't! —

*Huppbello:* Dat ka gesche'en! (Sicht an den Täschen.) Ha, du huos mer et gutt verstoppt! Fort mat der a meng Hiél. Du geseis d'Sonn net me' schengen! (Fort.)

*Rideau.*

---

## III. AKT.

(De Kickli an e Champignon kommen op d'Bühn.)

*Champignon:* De Bösch ass verluor a mir mat.

*Kickli:* Soll da kèng Rettong me' gin? De Féschter . . .

*Champignon:* Gott wêss wo' dén ass! Dat hun ech viraus gesin. Eso' e Geldsâck! Dém seng Le'ft setzt net de'f. Et huot mech ugegraff, we' e sot, hie ge'f seng sche' Plâtz ewèg geheien, wann e vill Souen hätt! Eso' ên, soll dén de Bösch erhalen? —

*Kickli:* Nên, eso' ê net! — Do muss Le'ft sin, Courage; all Held huot emmer d'e'scht un de' aner an dan ere'scht u sech geduocht. Mir brauchen en Held.

*Champignon:* A wo' ass dén? De Jôb!

*Kickli:* En âle, schwâche Mann!

*Champignon:* De Victor! E Kand!

*Kickli:* Ja, de Victor! Dé sche'ne Nuom: Sieger! — Wann dé wöllt! — Awer seng ârm Mamm, wann dém Kand e Lêd geschitt.

*Champignon:* De' reich Mamm, wann hire Jong et fèrdeg brengt. — Wo' sin de' aner nemen? Et wèrd dach kèngem èppes geschitt sin! (Sie kucken.)

*Mickli:* (kreischt.) Mein Hèrz zersprengt. En huot dén âlen ârme Mann nidergeschlon an op em getratt.

*All:* Grujelech!

*Wulli:* (kent a brengt kê Wûrt eraus.)

*All:* Dajé, Wulli, wat ass? En Ongleck?

*Wulli:* (Wenkt jo.)

*All:* Dajé, so et! so et! so et!

*Wulli:* Huppbello — Kinek — Kro'n. Mantel. Huhuhu! —

*All:* Eisen ârme Kinek!

2. *Champignon:* (Ausser Otem.) Hu! dass ech hei sin! Et get nemen 2 Champignone me' — du an ech ...

1. *Champignon:* An de aner?

2. *Champignon:* Verbrannt!

*All:* Verbrannt! Verbrannt! (Setze sech all op e Ko'p, strècken d'Käpp beienên a kreischen.)

***Victor:*** **(kent eran) Wat ass dat fir e Gejâmer?**

*All:* Mir si verluor!

*Victor:* Wien ass verluor?

*All:* Du a mir an de Bösch.

*Kickli:* All eis Frenn si gefângen, do't a verbrannt.

*Mickli* a *Champignon:* De Féschter, de Kinek, de Jôb, d'Champignons.

*Victor:* So'lâng ass ê wöllt, ass kê verluor! —

*All:* Wölls du hellefen?

*Victor:* Dat wöll ech.

Tre'nen, de' briechen iech d'Hierzer,
Gejâmer, dat helleft iech nit;
Eng Force muss eis hiewen a léden,
Soss ass et fir eis all geschitt.
De' Force ass: ze wöllen, ze briechen,
Mat Krâft a Courage drun ze gôn,
Fir all ge'nt dé Be'sen ze streiden
An hien och ganz nidder ze schlôn.

*All:* Kanns du dat dann?

*Victor:* Ech kann wat ech wöll, an ech wöll wat ech kann!
Den Huppbello muss hei verschwannen;
Ech kre'e seng Axt an hie be'sst och dann.
Mein Hèrzblutt schle't wârem dobannen!

*All:* Victor! Du kriss eise ganze Reichtom!

*Victor:* Net fir Gold a net fir Geld
Wöll ech mei Liewe wôn.
Le'ft zum Bösch, fir ârem Leit
Dêt mech mat him schlôn.
Falen ech, da sét meng Mamm:
«Du warst en dapre Jong!»
Bleiwen ech, da sot dir all:
«Courage ass d'Hechst am Fong!»
Nu lét mer d'Hand op! —

(De Victor kne't nider, de Champignon am Fong, ê Wichtel rechts, ê lenks, sie soen all:
Dapre Jong du bass en Held,
Feire soll dech eng ganz Welt! —

(Et he'ert ê we'meren.)

*All:* Wat kent dann elo? — Hopp fort! Victor, hellef eis! (De' aner fort, de Victor elèng. E kuckt we' d'Gefohr me' no ken a sét:)

*Victor:* Ha, du Axt du ges lo meng!
Huppbello, du huos kèng Peng!
En ênzege Schlag, du bass net me'.
Ech wirgen dech, ech wêss net we'!
David war ganz klèng a schwâch,
Goliath fällt mat schwe'rem Krâch.
Huppbello, ech packen dech!
Himmelspapp, gef uocht op mech! — — —

(En zitt sech zreck. — Den Huppbello kent mat senge Gefângenen. Sie sin all gebonnen an hun d'Ae verbonnen.)

*Huppbello:* Féschter.komm,
Deng lèscht Stonn
huot geschlôn!
Kne' hier nidder,
We'mer, zidder,
'T ass gedôn! (En hölt.d'Axt.)

*Féschter:* Hief Erbârmen —
Lôss mech Armen
liewen!

(Den Huppbello stèllt sech virun en, hölt mat der Axt e gro'ssen Unzock, fir dem Féschter de Kapp erof ze haen — du kent de Victor vun hannen erbei, hölt em d'Axt am Schwonk of a lêft fort. Den Huppbello him mat èngem wölle Krêsch no — de Victor erem zur aner Seit op d'Bûhn, stèllt sech dur mat der Axt a schle't e nidder!)

*Victor:* (an enger Fréd:)

Kommt erbei,
De Bösch ass frei!
Den Huppbello ass do't.
Sed rem fro'!
Mir hu Ro'!
Fort ass Lêd a No't! —

*Féschter, Jôb, Kinek:* Ass et wîrklech wo'er?!

*Victor:* (mecht en d'Séler lass, reisst en d'Duch vun den Aen.)
Kuckt, do leit dé be'se Gêscht!
Rufft juchhei mat mir!

*Kinek:* Bravo, mei Jong! du huos 't gelêscht,
Hei op de Kne'en danke mir! —
Eis Bärt git mer her,
Meng Mann gin ech ruffen! (Hölt d'Bärt a fort; e rifft ganz hârt hannert der Bühn se all mat de Niém. Wann se'remkommen, hun se hir Bärt erem un.)

*Jôb:* We' grujlech, we' sche'n, o ech wêss net we'!
Merci, mei Jong, ech wêss net we'!

*Féschter:* Dat war Courage, ech schumme mech bal.
Du huos versprach an huos gehal!
(An dèr Zeit kommen d'*Wichtelcher* an d'*Champignons* era a ruffen an enger Fréd: Vive! Vive! Bravo! Hoch de Victor! Hoch, hoch, hoch!)

*Kinek:* Ech sin so' fro' — Ech wêss net ze soen!

*All:* Mir och! Vive! Vive! (Schwènken d'Mutzen a sprangen.)

*Kinek:* De Victor huot eis erle'st.

*All:* Eis all erle'st. Vive!

*Kinek:* Hie krit eise ganze Reichtom!

*All:* Wat mer hun a kre'en! Dem Victor alles!


*Kinek:* De Bösch ass frei, hie bleift bestoen, gro'ss a sche'n we' emmer! E Gleck fir d'Menschen an d'Welt. Dat Ongeheier get verbrannt, dass kèng Spur me' vun em bleift.

*All:* Zo' Stâf an Äschen! — Seng Axt dermat!

*Kinek:* Nu get iech d'Hänn a sangt aus voller Broscht:


## Schlosslidd.

*Marschtempo..* Marche lorraine



rem.

1. Mir sin röm fro' a voll Lie- wen! D'Hierzer kön-ne gleck- lech



strie-wen! Mir hun dat können er- lie-wen! Hol-drio - o! Hupp-bel- lo!

2. An dem Bösch könne mir sangen,
Öm all Treisch leschteg sprangen,
Klammen, plecken a plangen
Holdrio
Huppbello!

3. Dir le'f Leit, git an eis Bescher,
Dir get glecklech a fröscher,
Föllt èr Täschen an èr Döscher
Holdrio
Huppbello!

